LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°813 vum 29. Mai 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Prix de vente des logements rachetés par la SNHBM ».**

1. **An der Äntwert op d'Fro n°390 hat de Minister net op d'Fro geäntwert, ob d'Wunnengen, déi d'SNHBM zeréckkaf huet, spéider bei engem weidere Verkaf zu engem méi héije Präis verkaf goufen? Kann de Wunnengsbauminister dëst ausschléissen oder net?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'QP 390 geschriwwen, kommen, wann eng Wunneng vun der SNHBM zeréckkaf gëtt an dono nees un en eligibele Client verkaf gëtt, eventuell Renovéierungsaarbechten, Notaireskäschten, Honoraire an aner Käschten vun der SNHBM dobäi.

2. **Wéi erkläert de Minister, dass bei verschiddenen SNHBM-Wunnengen, déi um Internetsite annoncéiert waren an déi vun der SNHBM zeréckkaf goufen, Präisënnerscheeder vu 50.000€ oder méi zustane kommen?**

Wéi scho bei der Fro 1 geschriwwen, ginn all Käschten déi en Relatioun mat dem Rachat an der Revente vun enger Wunneng ze dinn hunn, mat en compte geholl.

Dat sinn zum Beispill:

- Administrativ Käschten vun der SNHBM
- Notaire Käschten bezunn op dei zeréckkaafte Wunneng
- Käschte fir eventuell Reparaturaarbechten an der Wunneng
- Frais d'entretien vun der Wunneng an Frais'en vun der Copropriéteit fir déi Zäit wou d'Wunneng eidel ass
- Kaschte fir d'Promotioun /d'Vermaartung fir en neien Client ze fannen
- Finanzéierungskäschten (Zënsen)
- An aner eventuell Käschten verbonnen mat enger spezifescher Wunneng

D'SNHBM wëll all seng Cliente gerecht Präisser ubidden, fir net deen een oder deen aneren Client ze favoriséieren oder ze benodeelegen duerch ze vill Ofwäichung bei Verkafspräisser fir vergläichbar Wunnengen. Dës Approche huet der SNHBM och scho gehollef, d'Verkafspräisser vun anere vergläichbare Wunnengen ze reduzéieren ouni Verloscht ze maachen.

3. **Wéi fixéiert d'SNHBM d'Verkafspräisser vun de Wunnengen, dei si iwwert d'Virkafsrecht ofkaf huet?**

Cf. Äntwert op d'Fro 2

Lëtzebuerg, de 4. Dezember 2024
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch